ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 25. Mee 2022

Betreff: Opspléckung vum Projet vum geplangten Arméi-Gesetz
Kopie un den Här Verdeedegungsminister
Kopie un d'Madamm Presidentin vun der Kommissioun fir d'Verdeedegung an déi bannenzeg Sécherheet

Här President,

den Ukrain-Krich huet Europa virun Tatsaache gestallt, déi esou net virauszegesi waren. Et ass bannent dräi Méint ganz däitlech ginn, datt d'Lëtzebuerger Arméi an dëser Situatioun personalméisseg a qualitativ effikass a gutt opgestallt muss sinn. D'Rekrutéierungsproblemer vun der Arméi si bekannt, an de Projet vum neien Arméi-Gesetz soll deem ophëllefen. Well d'Zäit awer elo fortleeft, proposéiert de parlamentaresche Grupp vun der ADR, dee Gesetzprojet an zwee ze deelen fir e separat Gesetz iwwert d'Karriären an der Arméi méi séier kënnen op de Wee ze brëngen an d'Attraktivitéit vun der Arméi also méi séier kënnen ze stäerken.

Dowéinst fuerdert de parlamentaresche Grupp vun der ADR, séierstméiglech dësen Thema an der Verdeedegungskommissioun op d'Dagesuerdnung ze setzen an d'Modalitéite vun enger Opdeelung vum Gesetzprojet fir dat neit Arméisgesetz ze beschwätzen.

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierte
(am Numm vum parlamentaresche Grupp vun der ADR)

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742
ADR – Parti politique 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel.: (+352) 2620 3706